**Evangelium vun Äschermëttwoch (Joer A - B - C)**

**Mt 6,1-6.16-18**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Matthäus.*
*A. Dir all Éier, Här.*

1 De Jesus sot zu senge Jünger:
"Dot uecht,
datt dir net är gerecht Wierker bei de Leit zou maacht,
fir vun hinne gesinn ze ginn,
soss kritt dir kee Loun vun ärem Papp am Himmel!
2 Wann s du also en Almose gëss,
dann troter dat net aus,
wéi déi Schäinhelleg et an de Synagogen
an op de Gaasse maachen,
fir vun de Leit geéiert ze ginn!
Amen, ech soen iech:
Si hunn hire Loun scho kritt.
3 Wann s du en Almose gëss,
da soll deng lénks Hand net wëssen, wat deng riets mécht,
4 fir datt däin Almose geheim bleift!
Däi Papp, deen och dat gesäit, wat verbuergen ass,
belount dech derfir.

5 A wann dir biet,
da maacht et net wéi déi Schäinhelleg,
déi sech gär an d'Synagogen an op d'Stroossenecke stelle
fir ze bieden,
an dat fir sech de Leit ze weisen!
Amen, ech soen iech:
Si hunn hire Loun scho kritt.
6 Wann s du biets,
da géi an deng Kummer, maach deng Dier zou
a biet zu dengem Papp, deen am Verbuergenen ass!
Däi Papp, deen och dat gesäit, wat verbuergen ass,
belount dech derfir.

16 Wann dir faascht,
da behuelt iech net wéi déi Schäinhelleg,
déi däischter drakucken!
Si schneiden e Gesiicht,
fir de Leit ze weisen, datt si faaschten.
Amen, ech soen iech:
Si hunn hire Loun scho kritt.
17 Wann s du faaschts,
da salef däi Kapp a wäsch däi Gesiicht,
18 fir net de Leit ze weisen, datt s du faaschts,
ma nëmmen dengem Papp, deen am Verbuergenen ass!
Däi Papp, deen och dat gesäit, wat verbuergen ass,
belount dech derfir."

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*